LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1900 vum 5. Februar 2025 vun der éierbarer Deputéiert Corinne Cahen**

Et sief virweg drun erënnert, dass de sougenannten „Bëllegen Akt" fir Haaptwunnzwecker zanter dem 1. Januar 2024 an nach bis den 30. Juni 2025 vun 30.000 Euro op 40.000 Euro pro Persoun an d'Luucht gesat ginn ass.

Zanter dem 1. Oktober 2024 an nach bis den 30. Juni 2025 ass och d'Steierbasis fir d'Berechnung vun den Enregistrementskäschten ëm d'Hallschent gekierzt ginn.

Dës Steieravantagë gëllen och fir déi vun der éierbarer Deputéiert beschriwwe Fäll, insofern déi jeeweileg Persoun net schonn hire Steierkredit vollëmfänglech opgebraucht huet.

Et si fir de Moment keng weider Ännerungen um Niveau vun den Enregistrementskäschten an Ausaarbechtung.

Lëtzebuerg, de 6. Mäerz 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth